



Fënneftens: Gëtt et eng „évaluation régulière“ vun dësen Détenuen, fir ze kucken, op wellechem Stand dass se no engem Joer, no dräi Joer oder no fënnf Joer sinn? Gëtt do eng Evaluatioun gemaach? A misst een déi Evaluatioun net systematesch nach besser duerchzéien?

Sechstens: Op wellecher Basis kann een da certifiéieren, dass eng Kéier, wann déi Détenuen do hir Purge gemaach hunn, op wellecher Basis kann een da soen, dass déi erëm capabel sinn, fir sech an d'Gesellschaft ze integréieren an net méi Récidivisten ze ginn?

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Elo huet d'Regierung d'Wuert. Nach eng Kéier de Kommunikatiouns..., an dësem Fall awer de Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Jo, Merci, Här President. Mir haten Iech de Moien nach an der Mëttesstonn detailléiert Äntwerten op déi sechs Froen erageschéckt. Ech géif Iech dann och bieden, déi souwuel den Deputéierte wéi der Press ze ginn. Well hei brauch ech méi laang, wann ech dat elo alles erläuteren, wéi déi fënnf Minutten, déi mer hei zur Verfügung stinn.

► **M. le Président.**- Zéng Minutten hutt Der, Här Minister.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Zéng! Ah, emol schoonn e bësse méi.

Wann een elo kuckt, emol fir d'Éischt, et sinn eng Partie Saachen awer ganz staark ze nuancéieren och vun Aussoen, déi den Här Colombero hei gemaach huet.

Wa mer elo emol kucken, wéi vill Sexualtäter mer hunn am Prisong, dann huelen ech d'Zuele vum 9. Mee 2011. Do hate mer zu Schraasseg wéi zu Giwenech 667 Leit asätzen, 599 zu Schraasseg, 68 zu Giwenech. Vun de Sexualtäter hate mer der insgesamt 43. Dat heescht, op 667 sinn et der 43. Dat si souwuel déi condemnéiert wéi déi, déi an Untersuchungshaft sinn, wou ee kann dovunner ausgoen, dass an der Regel dräi Véirel Condamnéierter sinn an ee Véirel sinn an Untersuchungshaft. Do ass also net gesot, dass se herno och condemnéiert ginn.

Déi 43 Persounen, déi am Centre pénitentiaire zu Schraasseg waren, do sinn 43 Dossieren opgemaach gi vum „Service de médecine et psychiatrie pénitentiaires“. Just fir dat ze soen. Entgéint deem, wat aus engem Zitat erausgeet, wat den Här Colombero elo zitéiert huet, hu mer deem „Service de médecine et psychiatrie pénitentiaires“.

An do ass Folgendes, an dat ass ee vun de Problemer och, op deen ech zréckkommen. Net all Sexualtäter huet deeselvechte medezinesche Profil. Et ass net jiddweree „borderline“. Et sinn och Leit, déi „borderline“ sinn an net Sexualtäter sinn. Also, et muss een hei den Ennerscheid maachen.

Et war zum Beispill Handicap mental, dat waren der zwee; Intelligenzminderung und grenzwertige Intelligenz, Psychose, Schizophrenie; een; néng: Troubles de la personnalité graves, nom Code, no deem d'Doktere schaffen, „andere psychische Störungen aufgrund einer Schädigung oder Funktionsstörung des Gehirns oder einer körperlichen Krankheit“. Sou dass ee muss wirklech hei nuancéieren, jiddwereen huet aner Problemer wéi deem aneren. Dat ass déi éischt Feststellung.

Dann zu de Froen: «Ne faudrait-il pas garantir des conditions de traitement psychologique optimal à des personnes à psychisme borderline ayant commis des délits sexuels?» Ech mengen, mir müssen hei méi wäit goen. Well wa mer déi huelen, déi Sexualtäter sinn a „borderline“ sinn, da sinn et der kaum vill. Mir müssen effektiv kucken, jiddwerengem eppes unzebidden. Nach eng Kéier: Net all Sexualtäter ass „borderline“. An net jiddwereen, dee „borderline“ ass, ass Sexualtäter. Duerfir muss ee schoonn hei differenziéiert un d'Leit erugeen.

Beim Traitement kann een awer an engem Rechtsstat, wéi mir ee sinn, keen zu eppes zwängen. Ech ka mech erënnere, wéi ech jonk war, hunn ech, wéi wahrscheinlech vill anerer vun Iech och, de Film „Clockwork orange“ e puermol gekuckt, deem op déi Saachen ageet, déi Thematik: Wéi wäit kann een een zwängen, e gudde Mënsch ze ginn oder net?

Et geet net. Et kann ee keen zwängen! Wat ee kann, wat ee muss maachen, dat ass, jiddwerengem eppes ubidden. Mä et kann een net een zwängen, en Traitement unzehuelen. Dat heescht deem, dee Sexualtäter ass, dee muss

d'accord sinn, en Traitement unzehuelen. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, dat soen ech hei am Allgemengen - ech hu gëschter nach eng ganz Partie Froen zum Prisong beäntwert, och eng ganz Partie vum Här Colombero -, mir hunn och eppes Wichteges wéi de Secret médical an och d'perséinlech Daten. Ech kréie ganz oft Froe gestallt, déi op ganz spezifesch Fäll aginn, wou ech soen, de Justizminister kann net op öffentlecher Tribün deen een oder deen anere Fall hei duerleeën. Well dat ass och net gutt fir deen, dee beträff ass. Well mir sinn e klengt Land, do gëtt ee séier gewuer, op wien ee sech do mënzt oder net mënzt.

De Secret médical ass ganz wichteg, och par rapport zum Prisong. Dat heescht, och de Prisong kann net ëmmer alles wëssen. Wat e muss wëssen, wat e misst wëssen, mä wat en eben net dierf wëssen, nach eng Kéier, et kann een de Secret médical hei net violéieren.

Dat Drëtt ass: Deen, deem am Prisong ass, huet och de libre choix du médecin, wat eng wichteg Saach ass. Dat heescht, hie kann awer och säin Traitement sichen. De Prisong kann net alles ubidden.

Déi zweet Fro war déi vun der Possibilité d'isolement. Do soen ech direkt, dass mer do dergéint sinn, géint den Isolation. Mir mengen och, domadder géife mer décke Sträit kréien, souwuel mam Médiateur wéi mat der Mënscherechschschuttkommission. Wa mer bis isoléieren, oder wa mer elo all d'Sexualtäter beieneleeën, dann hu mer awer déi voll Stigmatisierung vun deene Leit!

Wat effektiv gemaach gëtt zu Schraasseg, dat ass, dass gekuckt gëtt, déi Leit net no Sexualtäter beieneenzeleeën, mä effektiv ze kucken, wat méi hir richtig Symptomer sinn; beieneenzeleeën, wat hir Problemer sinn. Zum Beispill déi, déi en Handicap mental hunn, kommen éischter an d'Unité sociothérapeutique. Et sinn der och, déi en Handicap mental hunn, déi keng Sexualtäter sinn. Mä mir kucken éischter, d'Leit no hire medezinesche Symptomer esou zesummen ze gruppéieren, wéi dass mer elo soen, d'Sexualtäter kommen all beieneen.

D'Formation vun de Gardienen, do wëll ech soen: «Quelle formation», freet den Här Colombero «est dispensée aux gardiens pour traiter ces détenus de façon à ne pas les humilier davantage?» Ech wëll e bëssen hei awer déi Frostellung riichtbéien: Déi ginn net humiliéiert! An et muss een och alles maachen, dass se net humiliéiert ginn. Richtig ass, dass d'Formation vun de Gardienen eng wichteg Fro ass. Mir hu schoonn op där geschafft. Wa mer am Hierscht mat deem neie Projet „réforme pénitentiaire“ kommen, wäert d'Formation vun de Gardienen, de Recrutement vun de Gardienen ee wichteg Element sinn.

Ech wëll net soen, dass mer net nach méi kënnen maachen, wéi mer maachen. Mir hu scho vill gemaach. Bei all deenen dote Froen ass et souwiesou esou, dass een ëmmer ka soen, mir maachen eppes. An et ass een ni um Enn, fir eppes Neies ze maachen, well och do d'Erkenntnisser, och an der Wëssenschaft, weiderginn.

Dann déi Fro vun der Responsabilité juridique. Sou wéi d'Fro gestallt ass, wär de Stat zoustänneg fir all Récidiviste, deem erauskënn. De Stat huet hei keng Obligation de résultat, e ka keng Obligation de résultat hunn! Mir müssen dat Beschta maachen, wat an eiser Muecht steet. Mä et kann een net higoen, esou wéi Der dat Zitat bruecht hutt: „Ech fille mech elo, dass ech duerno Récidiviste ginn“, an da soen: „A wann ech duerno nach eng Kéier Récidiviste ginn, da waren et dem Stat seng Problemer.“ Et gëtt Länner an et gouf Regimer, do sinn déi Problemer geléist ginn, awer net op eng Aart a Weis, mengen ech, wéi mer hei zu Lëtzebuerg dat wëllte maachen.

Dat heescht, de Stat huet ganz kloer eng Obligation de moyens, an dat wäerte mer och weider maachen. Dat heescht, et muss een esou vill wéi méiglech ubidden, mä et huet een ni eng lescht Rechtsgarantie.

Duerfir ass et och esou, dass déi sechste Fro, wou den Här Colombero freet: «Sur quelle base peut-on certifier qu'après purge de leur peine, les détenus sont capables de s'intégrer dans la société et ne plus récidiver?», dat kann een ni maachen! Et kann een ni soen, wann een erausgeet: „Deen dote récidivéiert net méi.“ Et kann ee sech esou vill Méi gi wéi méiglech, fir dat ze verhënnere, mä et kann een ni dat maachen.

Notamment bei de Sexualtäter gëtt et kee Risque zéro. Et ass eng Etüd, déi ass am Ausland komm, d'Etüd Schmucker a Lösel vum 2010, déi huet gewisen, dass déi Sexualtäter, déi net spezifesch traitéiert goufen, an 12% vun de Fäll récidivéieren, an déi, déi en Traitement kritt hunn, an 9%. Also d'Traitement hëllef, mä d'Traitement hëllef net alles!

Da kënn nach eppes derbäi - wat ech awer och hei wëll soen, well do hunn ech keng Léisung: Fir déi dote Leit richtig, optimal, régulièrement ze traitéieren, musse si éischstens d'accord sinn, zweetens brauch een awer och déi ausgebildete Leit, déi dat kënnen maachen an et wëlle maachen. Et ass ganz schwierig, och ëmmer déi néideg Psychiateren, déi do ausgeschoult sinn, ze fannen, fir dat doten ze maachen. An notamment zu Lëtzebuerg ass dat nach vill méi schwéier.

Dat ass elo net iergendwéi eng bëlleg Excuse, mä ech wëll just soen, dass et do, wou d'Leit ganz schwierig Problemer hunn, méi schwierig ass, hinne ze hëllefen, wéi wa se en normale gesondheetleche Problem hunn.

Dat bréngt mech dozou, fir awer d'Geleeënheet hei ze benotzen, Här President, an där leschter annerhallwer Minutt eppes ze soen zum Projet de loi 6047 iwwert d'Prévention de la récidive chez les auteurs d'infractions à caractère sexuel.

Dat ass e Projet de loi, dee vu mengem Virgänger déposéiert gouf, dee kritiséiert gouf vun enger ganzer Partie Gremien, inklusiv dem Statsrot, an dee sech déi Zäit inspiréiert huet - dee mat enger breeder Consultatioun ausgeschafft gouf, wëll ech just soen, wou notamment vill Leit aus dem Secteur dee Projet gutt fonnt hunn -, mä deen och iwwert d'Sécherheitsverwahrung schwätzt, déi jo mëttlerweil duerch eng ganz Partie vun Uerteeler, ech denken u Stroossbuerg awer och elo récemment u Karlsruhe, a Fro gestallt gouf.

D'Iddi ass, fir ze soen, majo een, wou mer mengen, e géif herno récidivéieren, dee loosse mer net op d'Leit eraus, dee behale mer, obwuel e seng Peine ofgesiegt huet, weider an enger Sécherheitsverwahrung. Wann Der all déi Uerteeler liest, déi et gëtt - souwuel, ech huelen haaptsächlech déi vu Stroossbuerg, mä och dat vu Karlsruhe, wat ganz interessant ass -, da stellt Der fest, dass dat géint d'Mënscherechter verstéisst. An et ass och dat, wat zum Beispill de Statsrot gesot huet an och d'Commission consultative des droits de l'Homme hei zu Lëtzebuerg gesot huet.

Mir wäerten duerfir dee Projet amendéieren, déi dote Saachen, déi kritiséiert sinn, eraushuelen an op dräi Punkte wëlle weiderschaffen. Ech wollt Iech dat duerfir haut matdeelen. Dat Éischt ass, dass mer awer wëllen an d'Uerteeler schreibe loosse an Zukunft, dass ee ka bei senger Condamnatioun obligéiert ginn, en Traitement ze maachen. Dat ass eppes, wou mer da schoonn...

(Interruptions)

Dat ass dann eppes... Jo, mä just, hei ass een am Prisong. Hei ass net de Sursis probatoire, dat hei ass am Prisong.

Dat Zweet ass, dass mer géifen d'Rétenction de sûreté, also d'Sécherheitsverwahrung, net bäigesinn, mä eng Injonction de soins bäigesinn, fir ze soen, du kënn eraus, mä du hues eng Injonction de soins. Wann s de där Injonction de soins net nogess, da kanns de effektiv frësch condemnéiert ginn an dann eng Peine am Prisong mussen ofsätzen.

Drëttens, wat mer amgaange sinn ze studéieren, well mer souwiesou dee Moyen wëlle méi asetzen, dat ass de Bracelet électronique, fir effektiv ee kënnen ze suivéieren, wou e sech ophält a wou e sech net ophält.

Ech wollt Iech dat soen, fir ze soen, dass mer de 6047 - an der zoustänneger Chamberskommission hat ech dat scho gesot - net wëllen à ce stade esou weiderdreiwen, wéi en ass, mä mir wäerten Amendements gouvernementaux bréngen, fir dat doten ze maachen.

An deem Sënn soen ech Iech Merci, dass ech eng Minutt konnt iwwerzéien. An ech wollt Iech just a mengem perséinlechen Numm soen, Här President - dee ganze Mëtteg sinn ech hei drun -, dass ech elo deemnächst eng Kéier muss austrieden, wéi dat fréier geheescht huet.

Dat muss Der verstoen, dass ech dann net op der Tribün sätzen. Well déi leschte Kéier, wou ech ausgetruede war an dësem Sall, do war den Här Kartheiser ganz perséinlech offusquéiert. Also, wann ech kuerz austrieden, ass dat net, well ech mech net wëilt un den Debatte bedeelegen, mä well et heiansdo muss sinn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Här Justizminister, den Här Colombero wëllt, wéi en d'Recht huet, nach eng Zousazfro stellen.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Här Minister, Merci fir déi Explikationen. Wat ass da fir de Moment de Suivi vun deene Leit, déi elo erauskommen? Wéi ginn déi elo opgefaangen? Well et ass nach ëmmer déi Gefor, déi besteet, wann een zur falscher Zäit op där falscher Plaz ass, da riskéiert een, fir awer an déi falsch Hänn ze geroden.

Merci.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Majo, dat ass just, Här President, de Problem. Duerfir huet mäi Virgänger dee Projet 6047 bruecht, fir deem entgéintzewirken, fir ze soen, wa se eraus sinn, kënnen se eng Gefor si fir aner Leit, duerfir komme se an eng „Sicherheitsverwahrung“.

All, wéi gesot, all Avisen, all Uerteeler, déi mer kennen, sinn do dergéint. Dohier ebe meng Proposen, déi ech virdru gemaach hunn, fir effektiv de 6047 bäizebehalen, déi Saachen erauszehuelen, déi international an der Jurisprudenz opgrond vun de Mënscherechter kritiséiert sinn, mä déi dräi Méiglechkeete virzeschloen, déi ech elo gemaach hunn.

Fir de Rescht muss ee kucken, déi Leit selwer, se ze kontrolléieren, awer och, se esou gutt wéi et geet ze zwängen - definitiv kann een ni een zwängen -, selwer no sech ze kucken. Duerfir wäerte mer déi Amendementer och am Prinzip, mat där ganzer Réforme pénitentiaire, wäerte mer dann och déi Amendementer zum 6047 bréngen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Biltgen. Domadder wier dann och dëse Punkt ofgeschloss. An elo komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 6254 iwwert d'Organisation vun den administrative Juridictionen. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech ageschriwwen: déi Häre Bettel an Henneskes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

5. 6254 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions d'ordre administratif

Rapport de la Commission juridique

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6254 ass relativ séier duerch d'Procédure législative gaangen, en ass den...

► **M. le Président.**- Ech bieden Iech, dem Här Meyers nozelauscheren. Ech weess net, wat de Mëtteg déi Nervositéit hei am Sall ass, ob dat d'Hëtzt vun dobaussen ass,...

► **Une voix.**- Et ass net auszehalen.

► **M. le Président.**- ...mä ech géif Iech wirklech bieden, awer elo nozelauscheren. Et ass dee leschte Projet de loi fir de Mëtteg, duerno si mer jo da fäerdeg.

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dee Projet ass den 22. Februar vun dësem Joer an der Chamber vum Justizminister deponéiert ginn, den Avis vum Conseil d'État ass vum 8. Abrëll, an de 4. Mee huet d'Kommission de Rapport ugehall. De Projet de loi, deem nëmmen een Artikel ëmfaasst, gesäit vir, dass d'Zuel vun de Riichtere beim Verwaltungsgericht vun zéng op eelef eropgesat gëtt. Et kënn also een zousätzleche Richter derbäi. A gläichzäitig kann en zweete Vizepräsident genannt ginn. Dee Poste gëtt och duerch d'Gesetz geschaf.

D'Regierung huet am Exposé des motifs d'Noutwendegkeet vun deem Projet de loi largement exposéiert, an zwar haaptsächlech duerch dräi Argumenter. Engersäits argumentéiert d'Regierung, dass d'Zuel vun den Affären, déi d'Verwaltungsgericht muss traitéieren, permanent eropgaangen ass, an déi Zuel huet sech an deene leschten zwee Joer tëscht 950 an 1.000 Affäre pro Joer stabiliséiert.

Et muss een awer soen, dass besonnesch an deene leschten zwee Joer, 2009/2010, an och dëst Joer schoonn, nei Gesetzer gestëmmt gi sinn, déi d'Kompetenze vum Verwaltungsgericht weider ausgedehnt hunn. Besonnesch muss een dorop hiweisen, dass och d'Komplexitéit vun den Affären an deenen neie Gesetzer net kleng ass.

Ech wëll hei e puer vun deene Gesetzer ernimmen. Dat ass fir d'Éischt emol d'Gesetz vum 28. Mee 2009 iwwert d'Schafung an d'Organisation vum Centre de rétention. Dat ass d'Gesetz vum 21. März 2010 iwwert d'Approbation vu verschiddenen internationale fiskale Konventionen. Dat ass d'Gesetz vum 10. November 2010 iwwert d'Marchés publics, wou och e Recours kann ënnerholl gi géint de Cahier des charges. Dat ass d'Gesetz vum 27. Oktober 2010 iwwert de Blanchiment, e Gesetz, wat mer, mengen ech, nach alleguer an Erënnung hunn. An dann erënnere ech och un d'Gesetz iwwert den Droit d'asile, wat mer d'lescht Woch gestëmmt hunn, wou och nei Rekursméiglechkeete beim Verwaltungsgericht virgesi sinn.

Een drëtt Argument ass, dass beim Verwaltungsgericht contrairement zu deenen anere Gerichter e Congé de maternité an e Krank-



heetsfall net kënnen ersat ginn. Bei deenen anere Gerichter ass et méiglech, dat ze maachen duerch een Attaché de justice, wat beim Verwaltungsgericht net méiglech ass. De Minister huet eis awer gesot, dass en an där Matière wéilt légiférieren, dass en also en Text wéilt presentéieren, fir dat och beim Verwaltungsgericht méiglech ze maachen.

Wat d'Schafe vun engem zousätzleche Poste vu Vizepräsident ugeet, erlaabt déi doten Neierung, dass an Zukunft all Chamber beim Verwaltungsgericht vun engem Vizepräsident ka presidéiert ginn.

D'Commission juridique ass mat dem Text, esou wéi e presentéiert ginn ass a wéi mer lech e presentéieren d'accord, an ech géif d'Chamber dofir bieden, d'Gesetz och an där Form ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Den Här Henckes huet mer matgedeelt, hie géif net méi wëlle schwätzen, wa keen anere méi wéilt schwätzen. Den Här Bettel wéilt awer nach dozou intervenéieren.

Discussion générale

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, e puer Punkte ganz kuerz. Deen éischten ass, wann ee konsequent mat sech selwer ass, d'lescht Woch hu mer en Text gestëmmt vum Här Schmit iwwert déi Procédure accélérée. Ech mengen, et ass méi wichteg wéi iergendeng aner Occasioun, fir elo wierklech ze soen, dass den Tribunal administratif immens vill Aarbecht wäert kréien, an och an nächster Zäit.

An et kann een nëmmen da soen: Ass dat eppes, wat temporär ass oder net? Ech mengen, dass et ganz wichteg ass, dass mer dat heite stëmmen, virun allem, wa mer Texter stëmmen, wou mer dem Tribunal administratif nach méi Aarbecht ginn.

Den Här Rapporteur huet et schonn ugekënnegt: Den Här Minister huet eis an der Commission juridique, wéi mer dann d'Diskussioun iwwert de Projet haten, och gesot, dass e wëlles hätt, Attachéé beim Tribunal administratif ze hunn. Ech mengen, dass et eng gutt Léisung wier, an do wäerte mer en och ënnerstëtzen.

Et j'en profite de l'occasion, Här President, fir dann och d'Fro ze stellen, wa mer scho bei den Tribunaux-administratifs sinn, ob den Här Justizminister och eng Kéier wëlles huet, dass ee bei Décisiounen vun der Cour administrative kann e Recours en cassation maachen - haut ass dee jo nach ëmmer ausgeschloss -, an ob eng Kéier d'Tribunaux administratifs och an d'Casse wäerten erafalen. An, wéi gesot, eis Fraktioun wäert deen dote Projet stëmmen.

► **M. le Président.** - Den Här Henckes, wann ech gelift.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, et ass absolut noutwendeg, datt mer d'Zuel vun de Riichter hëijen, mä ech fäerten, datt et nach net wäert duergoen. Woufir? Well mer ginn a ganz ville Gesetzgebunge vum Pénal eriwuer op d'Sanction administrative, vu Sanction pénale op Sanction administrative.

Woufir? Well de Parquet ganz oft Saachen net wéilt poursuivéieren a Matière économique, Classes moyennes an esou weider. An dofir wier et och gutt, datt ee sech muss bewosst sinn, datt, wa mir an e puer Gesetzer... Mir hunn d'lescht Woch nach eent gestëmmt, elo kommen der nach derbäi. Ech huelen un, datt dee Volet do wäert an der Zukunft nach méi Aarbecht fir den Tribunal administratif bedéngen, an dofir wollt ech dat nach an déi Demande eraflësse loossen, fir eventuell nach méi Assesseeuren oder deen een oder deen anere Riichter derbäizekréien.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. An d'Wuert kritt elo den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Paul-Henri Meyers, Merci soe fir säi Rapport, wou en och op vill Saachen agaangen ass. An ech wéilt duerfir just op d'Froen äntwerten, déi hei gestallt goufen.

Déi éischt ass déi: Geet elo dee Riichter duer, dee mer zousätzlech bäisetzen? Dozou Folgen

des: Hei ass eng Gerichtsbarkeet, déi ech ganz gutt kennen, well ech war Rapporteur respektiv souguer Auteur vun deem zweete vun deenen zwee Gesetzer, déi d'Verwaltungsgerichtsbarkeet hei agefouert hunn, wéi ech nach jonken Deputéierten heibanne war. A wann ech kucken, dass mer zënterhier ëmmer méi Matière kruten, ëmmer méi Fäll kruten, an et ass fir d'éischte Kéier, dass mer e Riichter bäigesat hunn, muss ech awer soen, dass déi Gerichtsbarkeet och uerdentlech fonctionnéiert. An et war hei e Wonsch vun der Gerichtsbarkeet selwer, een ze hunn.

Richtig ass, dass een ëmmer muss kucken an Zukunft, wéi et weidergeet. Den Här Meyers huet awer schonn - an och den Här Bettel ass drop agaangen - gesot, dass ech effektiv ugekënnegt hunn, deemnächst e Projet de loi iwwert d'Attachés de justice ze bréngen. Do geet et haaptsächlech drëm, fir ze kucken, wéi mer an Zukunft d'Riichter rekrutéieren. Fréier si se rekrutéiert gi vum Ministère iwwert den Avoués-Examen, elo hu mer keen Avoués-Exame méi an där aler Form.

An ech wëll och do, an deem dote Projet - ech wollt dat och hei ukënnegen - Elementer anticipéiere vun allgemenge Reformen, déi ech wëll maachen. Déi eng, als Justizminister e weénege méi Indépendance ze hunn: Ech wëll de Minister aus dem Rekrutement vun de Magistraten eraushalen, an ech wëll awer och am Sënn vun den Diskussiounen, déi mer iwwer Gehälterreform a Stage maachen, de Stage total reforméiere bei de Riichter, well et do net eleng duergeet, eppes iwwer Droit ze wëssen, et muss een och als Riichter kënnen agéieren. An dat léiert een och net nëmmen zu Bordeaux, dat léiert een duerch en uerdentleche Stage, sou dass mer deen och wëlle verlängeren a verbesseren.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Eis Ennerstëtzung hutt Der.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - An deem Kader wëlle mer och e puer aner Saache maachen, och wat d'Riichter ugeet, an do kommen nach e puer aner Saachen dran. Et kënnt virun allem och dran, dass mer wëllen der Jurisdiction administrative och Attachés de justice ginn, fir kënnen ze ersetzen. Zum Beispill hu mer elo - déi eng si strukturell Problemer - bei der Verwaltungsgerichtsbarkeit duerfir dee Riichter méi. Mir hunn awer och konjunktureller: Et sinn ëmmer Riichter, déi aus deem engen oder anere Fall ausfalen. Also muss een och do kënnen dogéint virgoen. Duerfir maache mer dat mat den Attachés de justice.

Richtig ass, fir op den Här Henckes zrëckzekommen, dass mer wierklech an Zukunft manner Sanction-pénalen a méi Sanctions administratives wëllen, dass déi natierlech heihinner kommen. Insgesamt muss mer awer och kucken, dass mer villes och an de Prozedure beschleunegen an och kucken, net mat allem muss viru Gerichter ze kommen.

Mir sinn zum Beispill ëmmer amgaangen am Justizministère, wa Kollegen e Projet de loi op den Instanzewee bréngen, wou e Recours en réformation dran ass, fir ëmmer ze hannerfroen: Muss do e Recours en réformation sinn oder geet net e Recours en annulation duer? Well dee jo awer aneschtens instruéiert gëtt.

Beim Recours en réformation gëtt et eng Jurisprudenz vum Stroossbuerger Mënscherechtsgerichtshaff, dee seet, wann et eng Sanktioun bedeit, da muss de kënnen e Recours effectif hunn, nämlech do muss de e Recours en réformation hunn. Mä bei ganz villen anere soll de Riichter soen, dat ass richtig zougaangen oder net richtig zougaangen. An déi Instanz, déi d'Uerteel geholl huet, déi d'Décisioun geholl huet, soll et dann erëm zrëck kucken. Dat ass also och eppes, wou mer versichen, net dauernd d'Verwaltungsgerichtsbarkeit ze engorgéieren.

Dann huet den Här Bettel - ech mengen, dann hätt ech déi lescht Fro och geholl - gefrot, wéi et ass mat Cassatioun. Do wëll ech drun erënnern, Här Meyers, dass mer an der Institutionskommissioun diskutéiert hunn iwwer Virschléi, déi ech gemaach hunn an déi ech elo u Geriichtsinstanzen, nämlech d'Cour supérieure, de Parquet général, geschéckt hunn dës Deeg, fir folgend Fro ze stellen:

Solle mer net eise System, deen engersäits eng Cour supérieure de justice huet, déi aus der eenzeger Cour d'appel besteet an der Cour de cassation, an op där anerer Säit der Cour administrative, déi da Leit delegéieren an eng gemeinsam Cour constitutionnelle, solle mer dee System net ersetzen duerch en neie System, wou mer engersäits eng Cour d'appel de droit commun hätten, anerersäits eng Cour administrative - dann hu mer nach d'Jurisdiction sociale, ech ginn elo net op déi an op dës Plaz -, an dann doriwwer eng Cour suprême, déi zwou Rollen hätt: d'Cassatioun fir de ganze System an och Cour constitutionnelle fir de ganze System?

Ech mengen, ech war frou, dass mer eng gutt Diskussioun an der Chamberskommissioun hatten, wou praktesch op alle Parteibänke gesot ginn ass: „Fuer weider mat deenen Iwwerleeungen, do kommen nach vill Detailfroen derbäi.“

Mir waren eis och eens, dass awer de Monde judiciaire sollt heimadder d'accord sinn. Duerfir déi Consultation préalable, ier dass ech da géif mat Texter an d'Verfassungskommissioun kommen. Well engersäits muss mer d'Verfassung änneren, a wa mer d'Verfassung wëllen änneren, muss mer och gläichzäitig Projets de loi do hunn, dass een och weess, wéi et fonctionnéiert.

Ech si perséinlech ganz attachéiert un där Saach, engersäits, fir dass mer méi eng Unitéit erëm kréien an eis Gerichtsbarkeeten, anerersäits awer och, well mer feststellen - duerch déi Aart a Weis, dass d'Cour supérieure à la fois Appel a Cassatioun ass, an dass d'Cour constitutionnelle eng Emanatioun ass vun der Cour supérieure an der Cour administrative -, dass mer riskéieren, deemnächst net méi genuch Leit ze hunn, déi entweder an der Cassatioun oder an der Cour constitutionnelle kënnen sëtzen, well ee jo net dierf ëmmer erëm frësch sëtzen zu darselwechter Affär. An dat ass an engem klenge Land e Problem.

Et ass net d'Haaptursach vun där Reform, déi ech virgeschloen hunn, mä et ass eng Konsequenz, déi esou eng Reform kéint positiver Natur hunn.

Voilà, ech mengen, domadder hätt ech op d'Froen all geäntwert.

► **M. le Président.** - Den Här Bettel géif lech nach gären eng Fro stellen.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Jo, just nach eng kleng Fro, Här Minister. Dir hutt vun de Sanctions administratives geschwat. Am Moment gëtt et jo d'Riichter, déi och e Pouvoir d'appréciation hunn, déi an deene verschiddene Fäll jo och eng Forschett hu vu Strofen, déi se kënnen prononcéieren.

Ech sinn - ech verstoppen et net - jo éischter der Meinung, dass ee keng Déjuridicatioun soll maachen op d'Sanctions administratives. Wat gëtt dann u Formatioun gemaach, vun de Beamten? Well am Fong, de Beamten huet jo net déi Formatioun vun Riichter, dee jo e Pouvoir d'appréciation huet, wann en eng Forschett huet vun der klengster bis zur gréisster Strof.

Hutt Dir do scho mat de Beamte gekuckt? Well déi mussen awer och iergendeng Formatioun kréien, well et ass schwéier; et kann ee jo och net de Frang geheien, fir eng Sanktioun ze spriechen, an duerno gëtt et jo eng Rekursméiglechkeet um Tribunal oder op der Cour administrative.

Gëtt et do fir d'Beamten dann elo eng extra Formatioun, déi virgesi gëtt, fir kënnen en âme et conscience an en toute indépendance Décisiounen esou ze huelen?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Also, zurzäit gëtt et dat nach net. Mir si jo nach net esou wäit, dass ech jiddwereen iwwerzeegt hätt, fir dat ze maachen, wat zum Beispill d'Chambre de Commerce awer ëmmer freet, fir effektiv manner Sanctions pénales a méi Sanctions administratives ze hunn. Dat ass eng Diskussioun, déi mer och amgaange sinn ze féieren.

Et gëtt awer Beispiller. An ech wëll lech selwer soen, dass ech a menger Qualitéit als Aarbechtsminister e grousst Déngen do bruecht hunn, dat sinn nämlech d'Sanctions adminis-

tratives vun der ITM. Wat elo oft de Fall ass, dat ass, dass ee gesäit, dass Projets de loi souwuel Sanctions administratives wéi pénales virgesinn, an do seet de Statsrot ëmmer zu Recht: „Neen, non bis in idem.“

Bei der Gewerbeinspektioun hu mer Folgendes gemaach - an dat war eng laang Diskussioun, och mat der Gewerbeinspektioun selwer -, fir ze soen: „Amplaz dass mer den Dossier un de Parquet ginn, an da ginn déi eng klasséiert an déi aner komme vläicht eng Kéier virun, wann d'Firma scho laang net méi do ass, solle mer net iwwer Sanctions administratives, eng Injonctioun soen - du kucks elo, dass d'Pai bezuelt gëtt, du kucks elo, dass d'Stee riicht gestallt gëtt, wann s de dat net méchs, kriss de eng Sanction administrative -, als Injonctioun?“

An do hu mer och laang do mat der Direktioun vun der Gewerbeinspektioun diskutéiert. Woubäi ech natierlech soen, an der Gewerbeinspektioun ware se gewinnt, dass fréier emol den Direkter och e Riichter éischter Instanz war, dat ass jo elo Gott sei Dank ofgeschafft. Mä do hu se awer ganz kloer verstanen, dass et geet.

An et ass ganz kloer, dass do, wou Verwaltung kommen, dass ee sech do muss domadder auseneesetzen - wat gëss de zum Beispill am Cas vu Récidive -, an dass de muss e gewëssene Katalog ginn, well wann s de net de Katalog gëss, da kanns de all Prozess herno verléieren, well gesot gëtt: „Ma deen een, deen hues de kannt, deen huet vill méi eng kleng Strof kritt wéi deen aneren.“ Dat war eng Diskussioun, déi mer déi Zäit mat der Gewerbeinspektioun och gefouert hunn, an ech mengen, do muss all Verwaltung och intern déi féieren.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Justizminister. An domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6254 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6254 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Raymond Weydert), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung. D'Chamber kënnt erëm muer um hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.57 heures)



d'Chamber online op

www.chd.lu